Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 26. Februar 2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Louis Baruzzini** | **Steve Degano** | **Claude Ernst exc.** | **Jean-Marc Hoffmann** |
| **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** | **Gilles Mores exc.** | **Alain Blasen** |
| **Steve Blasen** | **Chris Fuchs** | **Patrick Molitor** | **Mandy Parracho** |

Vu dass mär den Entschloss gefaasst hunn all eis Coachen an ee Gupp ze setzen an eis Jugendcoachen och op de Kadertraininger mathëllëfe solle, kënne si och an all TKS kommen.

## 1. WM-Herne

Nelson Pinto woar krank. De Chris Zels huet aus terminlesche Grënn ofgesot.

De Patrick versicht en Training zu Herne ze organiséieren.

D'Fro stellt sech wirwat d'Auslousung elo eréischt zu Herne ass an net, wéi virgesinn, zu Langenfeld.

De Patrick mengt et wier en No-Go, dass e Mätch Däitschland-Brasilien bei den Dammen gespillt gëtt. Dat ass en zousätzlechen Training fir di 2 Länner.

Et gëtt nach eng Kéier iwwer d'Net-Umeldung fir den Eenzel mat 80 Klatzen diskutéiert. Di ganz Argumentatioun stung jo schons an der E-Mail-Äntwërt vum Jean-Marc op dem Mandy seng Ufro. En neien Aspekt gëtt et net. Eise WM-Kader ass der Meenung, dass soll nogemellt ginn.
Et gesäit esou aus, wéi wann d'FLQ net di selwescht Informatioun kritt huet wéi aner Länner. Brasilien huet säi Kader publizéiert zu engem Ament, wou mär nach net woussten, dass och d'Ekippekompetitioun géif ausgedroe ginn. Mär hunn och Informatiounen, dass de Michael Teschner Aussoën gemeet huet, dass d'Eenzel just nach zu Herne mat 80 an 120 Klatze géif gespillt ginn. No der WM géif doriwwer ofgestëmmt ginn.
Eise WM-Kader mengt, dass op alle Fall misst nogemellt ginn. An dësem Fall géife mär eist Verspriechen vun der Kaderspillerversammlung awer briechen. Deemols hu mär eis verpflicht, alles Méigleches ze ënnerhuelen fir de Spillmodus ze änneren.
D'FLQ wäert e Schreiwes un d'NBS schécken, wou Erklärunge gefrot ginn. De World-Cup zu Langenfeld vum 15. bis 17. Mäerz kéint jo nach fir eng Eenegung genotzt ginn. Di ganz Problematik wäert am nexten CA duechdiskutéiert ginn.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

Et gouf och d'Fro gestallt, op d'Sekretariat bei der Demande fir de Congé sportif kéint e Virdrock matginn, vu dass verschidde Spiller di éischte Kéier derbäi sinn.

2. **Ekippechampionnat**

De Steve mecht e Rapport iwwer di aktuell Statistiken. Hién kontrolléiert och d'Wiesselspiller.

3. **Eenzel- an Tandemmeeschterschaften 2023-2024**

De Claude huet via Telefon de mueren bestätegt, dass alles normal verleeft an hién huet am Ament soss näischt ze berichten.

4. **LN-Cup:**

De leschte Spilldag ass de 17. Mäerz. Vu dass de leschte Mätch vun de Véierelsfinallen awer de 6. Mäerz ass, zéie mär d'Halleffinalle de Samsdeg 9. Mäerz um 17:00. Do sinn d'Finallen am Eenzel am Classic.

5. **World-Cup**

Näischt Neies. D'Reglement ass kloer gestallt ginn. Am Eenzel bei 11 Ekippen ass d'Wertung 44-40-36-.usw.

6. **Internationale Seniorenvergläich**

D'Invitatioune ginn am Mäerz verschéckt. D'Fro stellt sech, op mär e kléngen Organisatiounskomité sollen opstellen. Erklärungen zu FLQ-Events

Aus lëtzbuerger Siicht steet d'Dammenekipp, d'Hären A an d'Hären B. Den Uwe bekëmmert sech drëms eng 2. B-Senioren opzestellen.

7. **Verschiddenes**

   a. **International Mätcher**

Zu Langenfeld schwätze mär mam Marco Baur fir eventuell e Lännermätch géint Holland de 27. Abrëll zu Péiteng ze spillen.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

**Next Sitzung ass den 20. Mäerz um 17:30 zu Péiteng**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
WILWERT depuis 1952